



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Home & Living Expo 2018
Cérémonie d'ouverture du 13 octobre 2018

Discours prononcé par

Francine Closener,

Secrétaire d'État à l'Économie

Seule la parole prononcée fait foi

E M B A R G O :

13 octobre 2018 - 10.00 h

Altesses royales,

Excellences,

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

Wat gëtt et Neies bei deenen Aneren? Wat hu mir Neies? Wéi weise mer de Leit, wat mir kënnen a wat mir besser maache wéi di aner? Wéi iwwerzeege mer se?

Keng Angscht, léif Kollegen aus der Politik, ech schwätzen net vu Wahlkampf-Strategien. Dees hate mer elo genuch.

Ech schwätze vu Froen, déi d'Entreprise sech Dag an Dag aus stellen, stelle mussen a besonnesch, wann se sech op enger Foire wéi Home and Living presentéieren.

Home and Living ass e wichtege Trendsetter am Beräich Wunnen a Bauen. Dausende vu Visiteure kommen heihin, fir sech iwwer nei Tendenzen z'informéieren – et well ee schliisslech mat der Zäit goen an um leschte Stand sinn.

An Trendsetter ze sinn, dat ass och wichteg fir Lëtzebuerg. Eist Land ass eng «success story», eben, well mer wirtschaftlech a sozio-politesch Tendenze viraus gesinn oder carrement fir ginn hunn, well mir dacks déi éischt waren, déi eppes lancéiert hunn.

Esou huet den ekonomeschen Erfolleg an de 70er an 80er Jore vun der Finanzindustrie ugefaangen, esou ass Lëtzebuerg en europäesche Mediestanduert ginn an duerno e Global Player an der Satellittenindustrie.

Dës „First mover“ Avantagé waren a si bis haut di wichtegst Atout fir de Wuelstand vun eisem Land. An dat bleiwen och di gréissten Trëmp, déi mer fir d'Zukunft an der Hand hunn.

Di lescht 5 Joer hunn de Wirtschaftsminister an ech mat zeg Initiativen a Moosnamen eist Bescht gemaach, fir d'Basis ze schafe vun der wirtschaftlecher Entwécklung an den nächsten 20, 30 Joer; eng Entwécklung, déi eise Wuelstand an déi domat verbonne sozial Kohäsioun och fir déi nächst an iwwernächst Generatiounen garantéiert.

Mir hu Projekte lancéiert, déi net pünktlech fir dës Wahltermäin Friichten droen, vun deenen ee weder haut nach muer d'Beneficer gesäit. Dat ass fir mich een ongewinnte Politik, well se kuerzfristeg keng Stëmme bréngt, well et dacks abstrakt klenkt a schwiereg z'erklären ass, well ee muss um Ball bleiwen an sech net dierf verschotere loossen.

Dozou gehéiert de Lancement vun der Initiative Spacresources, déi Lëtzebuerg weltwäit eng enorm Visibilitéit ginn huet. De Grëff no de Stären ass awer an engems ganz terre à terre – schliisslech hunn sech am Beräich vun der Äerdobservatioun duerch Nano-Satelliten elo di Bescht an deem Beräich hei zu Lëtzebuerg néier gelooss.

Anert Beispill: ee grenziwwerschreidend Testfeld am Beräich vum Autonome Fahren a 5G. Di Lëtzebuerger POST schafft an deem Kontext mat renomméierte Partner aus Automobilindustrie an

Telekommunikatioun zesummen. Op der Autobunn Lëtzebuerg – Saarbrécke – Metz gi mam 5G divers Technologië getest, fir zum Beispill ze verhënneren, datt Auto'en, déi matenee verbonne sinn, anenee rennen.

Net zulescht dank eisen excellenten ICT-Infrastrukturen huet Lëtzebuerg bei sou Projeten an Europa d'Nues fir- dat gëllt och fir den High performance Computer.

Esou ee Supercomputer mat immens héijer Rechekapassitéit kënnt op Lëtzebuerg, an e steet net just der Recherche zur Verfügung, mee genee sou gutt den Entreprises, PMEen a Start-Upen, fir ëmmer méi komplex Berechnungen, Simulatiounen a Modelliséierungen ze maachen.

Den Internet of Things, deem ass net fir muer, deem ass schonns do a well ëmmer méi Objet'en ënnerteneen Informatiounen austauschen, entsti Milliarden a Milliarden Donnéeën, déi stockéiert, geréiert an ausgewäert kënnen a wäerte ginn, sief et zum Beispill am Gesondheetswiesen, sief et an der Mobilitéit oder am Energieberäich. A Propos Energie a Mobilitéit:

Mir hunn ee ganze Reseau vun Opluetstatiounen fir elektresch Autoe geschaaf- dat ass gutt a richtig; Diesel a Bensin sinn Auslafmodeller.

Allerdéngs kann et net sinn, datt Elektro-Autoe just eppes fir di déck Portemonnien ass. Duerfir sinn ech der Meenung, datt de Staat an Zukunft nees direkt Bähëllef muss accordéiere beim Kaf vun engem Elektro-Auto, an net just Steier-Abattementen.

Mir hunn d'Photovoltaik-Anlagen nach méi rentabel gemaach an d'lescht Joer ass hei zu Lëtzebuerg esouvill Stroum ewéi nach ni virdrun aus Sonn a Wandenergie produzéiert ginn.

Mir sinn um ganz gudde Wee fir eng nohalteg Versuergung mat erneierbaren Energien zu Lëtzebuerg ze kréien, an dee Wee dierf just an eng Richtung féieren, ouni Brems an ouni Réckgank.

Dat gëllt och fir d'Kreeslafwirtschaft, déi elo ee feste Bestanddeel ass vun der Politik am Ekonomiesministeren. Grad am Bau gëtt et enorme Potential, grouss Pilotprojet'en sinn am Gaang op de Fichen zu Wolz an Diddeleng. D'Industrie fabrizéiert Baustoffer, déi ëmmer nees kënne benotzt ginn, ouni Qualitéitsverloscht. An dann ass Holz jo predestinéiert fir d'Kreeslafwirtschaft. Dofir hu mer sämtlech Betriber aus der Holzproduktioun- a veraarbechtung regroupéiert an engem Cluster.

Altesses royales,

Dir Dammen an dir Hären,

Klimawandel engersäits an Digitaliséierung anersäits sinn di zwee gréissten Defien, deene mir eis ze stellen hunn, wou d'Politik d'Jalone muss setzen.

An déi si gesat ginn, fir och ee Mëttelstand 4.0 ze kréien.

Matt Initiativë wéi der Online-Plattform Letzshop, mat Programme wéi Fit4Digital, mat enger neier Gesetzgebung iwwert d'Bäihëllef fir d'Betriber. Elleng un d'PME'en sinn an de leschte 5 Joer 70 Milliounen Euro un Investitiounshëllef ausbezuelte gi...an di finanziell

Envelope zu Gonschte vun de Kleng a Mëttelbetriber, fir di nächst 5 Joer ass nach emol em e Drëttel méi déck ginn.

Fir mech ass allerdéngs net nozevollzéien, datt d'PMEen op deene Bähilfe Steiere bezuelen. E Betrib, deem 1000 Euro Hëllef vum Staat kritt, muss dovun nees 200 Euro als Steieren zrëck an d'Staatskeese bezuelen. Dat ass onsënneg a gehéiert ofgeschaaft.

Gefërdert gehéiert dergéint dat Wichtegst Kapital vun all Betrib, an dat si seng Mataarbechter. Datt d'Salariéen och vum Wuelstand vum Land profitéieren, sech wuel fillen, och dat gehéiert zu enger erfollegräicher Wirtschaftspolitik, déi politesch Stabilitéit a soziale Fridde brauch. Aarbechtszäitverkierzung a Congé dierfe keng Tabue sinn, do, wou d'Digitaliséierung Produktiounsgewënner bréngt. An se bréngt nach eppes ganz anescht: nämlech den akute Besoin u Formatioun, Weiterbildung an Ëmschoulung.

Wann Beruffer änneren, brauchen d'Leit nei Kompetenzen, fir ganz nei Beruffer brauch een nei Qualifikatiounen, a wann den eegene Beruff obsolet ass, muss een sech fir en aneren ausbilde loossen. Mam Projet Digital Skills Bridge hu mir zesumme mam Aarbechtsminister den Hiewel genee do ugesat.

Grad fir d'Handwierk ass d'Weiderbildung kruzial; di nei Kompetenzzentere vun der Fédération des Artisans sinn elo am Bau – ech si frou, datt ech dobäi konnt hëllefen- zesumme kënnst ee méi wäit.

An duerfir wëll ech och iech, Monseigneur, Madamm, e ganz grouse Merci soen fir ären Engagement zu Gonschte vun der Economie allgemeng a vum Konschthandwierk am Speziellen

Altesses royales,

Dir Dammen an dir Hären,

Et kann een nëmme vun anere verlaangen, wat ee selwer bereet ass, ze maachen. Wa mir vun den Entreprisë verlaangen z'innovéieren an ëmzedenken, da mussen de Staat a seng Partner, genee dat maachen, da musse Ministèren, Verwaltungen, Chambre des Métiers a Chambre de Commerce mam gudde Beispill virgoen.

An der Wirtschaftspolitik ass nach ni sou staark un der Innovatiounsschrauf gedréint ginn, wéi an an dëser Legislatur. Gestalten am Plaz Verwalten, déi Devise ass konsequent ëmgesat ginn, den technologesche Wandel gëtt antizipéiert an encadréiert, fir datt jiddereen eppes dovun huet: den Entrepreneur an de Salarié. D'Ekonomie steet am Déngscht vun all de Leit a vun der Allgemengheet, net ëmgedréit.

Jidderee muss vum Fortschrëtt profitéieren, net just di Happy Few, deenen d'Roboter gehéieren an déi d'Hand op den Algorithmen hunn.

6 vun deenen 10 gréisste Konzerne op der Welt sinn digital player. Hire Pouvoir ass enorm, wirtschaftlech a gesellschaftlech.

An déi decisiv Fro haut ass net méi, op mir eng digital Welt wëllen, mee wéi eng mir wëllen. Déi Fro kann net vun Ingenieuren oder Informatiker beäntwert ginn. Hei muss d'Politik Faarf bekennen a Reegele festleeën, fir datt di vernetzte Gesellschaft vu muer och eng méi gerecht a fräi Gesellschaft gëtt. Ech wënsche mer, datt Lëtzebuerg och hei den Trendsetter ass.

Altesses royales,

dat hei war virleefeg meng lescht Foires-Ried - ech betounen, virleefeg.
Villes gouf gemaach, an et war mir eng Freed an Éier, mat ugepaakt ze
hunn. Nach ganz vill bleift ze maachen. An ech kann et just widderhuelen:
zesumme komme mer méi wäit

Merci